N°1924
Entrée le 04.03.2025
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Mobilité
et des Travaux publics

**Äntwert vun der Ministesch fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten, Yuriko Backes, op d'parlamentaresch Fro n°1924 vum 11. Februar 2025 vum Här Deputéierte Marc Goergen**

Den honorablen Deputéierte stellt froen zu der neier Gesetzgebung a Spuenie wat Warndräiecker a Luuchten op den Autoe bei enger Pann oder engem Accident ubelaangt.

Esou wéi an der parlamentarescher Fro beschriwwen, gëtt a Spuenien ab dem 1. Januar 2026 den obligatoresche Warndräieck deen ee bei enger Pann oder engem Accident muss opstellen duerch eng orange Luucht ersat, déi een op den Daach vum Auto setzt. Hei muss awer dorops higewise ginn, dass dat nëmmen op Autobunnen a Schnellstroossen de Fall ass, an och nëmme fir Autoen obligatoresch ass, déi a Spuenien ugemellt sinn. All aner Gefierer kënnen och weiderhin de Warndräieck benotzen.

D'Aféierung vun dësen neie Luuchte gëtt vun de spueneschen Autoritéiten domatter erkläert, dass et op dësem Typ vu Stroossen ze geféierlech fir d'Leit wier fir aus dem Auto ze klammen an e Warndräieck opzestellen. Aus dem selwechte Grond ass d'Obligatioun fir e Warndräieck zu Lëtzebuerg op der Autobunn op ze stellen och schonn 2012 aus dem Code de la Route gestrach ginn an et geet duer, wann een d'Warnwinkeren u mécht.

Zu Lëtzebuerg ass den Asaz vun dëse Warnluuchten net verbueden. Si ersetzen awer net d'Obligatioun fir déi véier Winkeren unzemaachen an - ausser op der Autobunn - e Warndräieck opzestellen.

Wat elo d'Warnluuchten ugeet, esou ass den Asaz vun esou Luuchten elo schonns am Code de la Route virgesinn, an zwar dann, wann d'Warnwinkere vum Auto net ginn oder den Auto keng Warnwinkeren huet.

D'Aféierung vun enger genereller Pflicht vun esou Warnluuchten ass also net néideg, well se net verbuede sinn. Wann een ausserdeem consideréiert, dass dës Obligatioun nom spuenesche Virbild dann nëmme fir déi Autoe géif gëllen déi hei zu Lëtzebuerg ugemellt sinn, a wann een dann nach a Betruecht zitt wéi vill Autoe mat auslännesche Placken hei am Land all Dag ënnerwee sinn, dann dierft esou eng Mesure eréischt en nohaltegen Effekt hunn, wann eis Nopeschlänner och mat op dee Wee géife goen.

Generell sief awer nach emol dorun erënnert, dass et wichteg ass eng Warnwest unzedoen an den immobiliséierten Auto ze verloossen a sech esou séier wéi méiglech hannert der Leitplank a Sécherheet ze bréngen.

Lëtzebuerg, den 4. Mäerz 2025

D'Ministesch fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten

(s.) Yuriko Backes